



Syndicat des Fabriques d'église du Luxembourg a.s.b.l. RCS n° F 10322

✉ syfel@syfel.lu

✉ 15, am Duerf

L-7651 Heffingen

CCPL LU08 1111 7035 7433 0000

Circulaire un d'Kiercheréit aus der Gemeng Lëtzebuerg

Léif Kiercheréit aus der Gemeng Lëtzebuerg,

An schonn nees eng Kéier huet d'Stater Gemeng Iech fir den 10.11.2016 all invitéiert, fir en weidere Schrëtt an d'Richtung vun Trennung vu „Gemeng a Kierch“ ze maachen - ganz am Sënn vun der Regierung zur **endgülteger Ofschaaffung vun de Kierchefabrécken**.

Ouni de ganze Wäerdegang nach eemol opzezielen, wëlle mer just drun erënneren, datt et **d'Gemeng Lëtzebuerg war, wellech déi ganz Diskussioun ëm d'Kierchefabrécken un d'Rulle bruecht huet**, andeems si an d'Press gaangen ass, mat der ganz spezifischer Stater-Problematik vun der Defizitdeckung! Dësen Ëmstand, dee sécherlech muss geléist ginn, ass dunn eskalatiounsaarteg genotzt ginn, fir e rengen Stater Gemengeproblem iwuer d'ganz Land auszeweiden. (*Pour rappel*: Am Rescht vum Land sinn 2010 am Ganze 50.000 Euro Defizit vun insgesamt 10 Gemenge gedeckt ginn!!!)

An de Gespréicher, déi de SYFEL mam SYVICOL (8.12.2014) an och mat der DP-Fraktioun (26.1.2016) hat, **huet d'Mme Polfer ëmmer erëm virworfsvoll op deen Defizitpunkt an déi „mangelnd Solidaritéit tëscht de Kierchefabrécken“ verwisen**, an ass net midd ginn, virun engem Majoritéitsverloscht am Gemengerot ze warnen, wann de Budget net géing gestëmmt ginn. Mëttlerweil ass déi Stater Problematik an engem landeswäit gültege Gesetz (17. Mäerz 2016) „geléist“ ginn, andeems keng Gemeng méi den Defizit vun de Kierchefabrécken brauch ze decken.

An der DP-Fraktioun huet d'Mme Polfer och stänneg probéiert, de SYFEL z'iwwerzeegen, dat „Defizitgesetz“ dach guttzeheeschen, well ob dat Gesetz „duerno“ (Projet de loi n°7037) géing gestëmmt ginn, dorunner géing si ferme zweifelen.

Nun, deen Zweifel schénge net méi sou grouss ze sinn, well mat der aberuffener Versammlung fir den 10. November, **vollzitt d'Stater Gemeng net nëmme gären dat wat an engem Gesetz steet, mee „in vorseilendem Gehorsam“ dat, wat an engem onvollstännegen Projet de loi steet**, dee vun juristeschen Ongereimtheeten, etc. nëmme esou wibbelt.

Eng Rei Froe ginn nämlech net vun der Mme Polfer (oder dem Inneminister) ugeschwat oder beäntwert:

- 1) **Firwat muss dat ELO sinn?** Wat verléiert d' Stad Lëtzebuerg, wann se op den Debat a ggf. d'Ofstëmmung vum Gesetz waart, an dann *en connaissance de cause* mat de Kiercheréit zesummen eng Léisung sicht? (D'Viraarbecht ass jo schonns zum groussen Deel gelescht ginn!)
- 2) Wéi eng **Garantie** gëtt et vun der Stater Gemeng, dass d'Kierchen un de Culte affectéiert bleiwen? An der *Convention-modèle*, déi Dir geschéckt krut, steet KENG! An der Mme Polfer hir perséinlech Versécherung ass bestëmmt gutt gemengt, mee déi huet juristesche absolut kee Bestand, an ass bei engem wiesselnde Gemengen- a Schäfferot ganz egal!
- 3) Wouranner läit der Gemeng hiert **Bestriewe begrënnt**, all déi Kierchegebaier ze „halen“, wann si dach an der Vergaangenheet esou mat hinne „geplot“ war, dass se souguer den Defizit net méi wollt décken?
- 4) Wéi grouss ass dann de **finanziellen Impakt fir d' Stater Gemeng**, wann se elo net nëmme fir den Defizit, mee zu 50% fir de GANZEN Finanzement vun der Cathedral MUSS opkommen?

Ganz vun dësem politeschen Argumentaire ofgesinn, widdersprieche ë.a. folgend juristesche Grënn enger Signature:

- 1) Eng **Konventioun opgrond vun engem „Projet de loi“**, deen *per se* nach onvollstänneg, a verännerbar ass, ass een juristesche *nonsens*.
- 2) Gemäss deem nach **gültigen Dekret vun 1809 Art. 1** ass d'Kierchefabréck net befugt, sou eng „Transaktioun“ vu Kierchegebaier ze maachen. Dëst Dekret ass gültigt Gesetz, a jidder Kiercherot, deen deem zuwiderhandelt, muss déi entsprecheend Konsequenzen droen.
- 3) D'Kierchegebaier, déi affectéiert sinn, sinn **Bestanddeel vum domaine publique général**, a sinn aus dem Handel ausgeschloss.
- 4) **D' Statute vum „Fonds“** (Fondatioun) an de **spezielle Statut fir d' Cathedral leien nach ëmmer net um Dësch**.
- 5) Alleguerten **d'Kierche sinn dem Konkordat no dem Culte affectéiert** a kennen folglech net einfach sou de Besëtzer wiesselen, oder anescht affectéiert ginn. Och hei zielt den ***pacta sunt servanda***, ansonsten ass et e Broch vun engem internationalen öffentlechte Vertrag.
- 6) Wéi een **juristesche Statut huet eng Kierch** dann?
En öffentlecht Gebai: - MAT Loyer fir d' Benotzung, wann de Benotzer de Culte ass
- OUNI Loyer, wann d' Benotzung net reliéis ass?
- 7) Mat der Ënnerschrëft vun sou enger Konventioun ass d' Dier fir e méigleche politeschen oder/a juristesche Léisungswee nees zou, souguer éiert d' Gesetz eigentlech do ass.

Et geet ganz offensichtlech hei em e **politesche Schachzuch vun der Stater Gemeng**, well mat den Accord'en vun der Stater Kierchefabrécken, huet den Inneminister Kersch e virbildlecht Argument fir dem Rescht vum Land virzehalen. Well et wäert och dës Kéier nees esou sinn, dass **jiddereen**, wéi bei der Defizitsproblematik, **op d' Stad Lëtzebuerg kuckt!**

D'Petitioun N°715, déi sëlliche Gemengen, déi dem Minister Kersch sengem politeschen Drock NET noginn, d' Meenungsäusserunge vun notable Leit aus Kierchen- an Juristenkreesser, vun der Basis, aus allen politesche Lager a.s.w., weise méi wéi däitlech, dass de *Gros* vun de Leit dat dote Gesetz esou net wëll.

All Konventioun, déi elo ënnerschriwwe gëtt, ass e Nol un der Doudelued vun den Kierchefabrécken. De Minister Kersch steet mam décken Hummer hannendrun, fir den Nol déif a fest anzeklappen an hie fuerdert d' Gemengen elo op, den Nol unzehalen, fir kënnen dropzeschloen!

Et wär dofir niewent Ärem eegenen Interessi och e **Geste vu Solidaritéit vis-à-vis vum Rëscht vum Land**, wann Dir als Verantwortlech vun de Stater Kierchefabrécken, Ären **Accord zu deene proposéierte Konventiounen géingt en suspens halen**,

- bis de Staatsrot säin Avis ofginn huet,
- bis de SYVICOL definitiv Stellung bezunn huet,
- bis d'Statute vum Fonds endlech um Dësch leien,
- bis déi juristesche Ongereimtheete gekläert sinn,
- bis dat Gesetz mol kloer ass

an Dir DANN *en connaissance de toutes les causes* eng Decisioun géift huelen.

Et ass méi wéi offensichtlech, dass d'Stad Lëtzebuerg d'Kierchegebaier alleguerten gär hätt. **Folglech ass d'Gemeng Demandeur, also muss si eppes bidden**, an Dir als Kiercheréit musst eppes fuerderen a sidd hei an der staarker Positioun!!!!

Et wär dofir e wichtegt a staarkt Zeechen, wann déi Stater Kierchefabrécken, hirer Gemeng géinge matdeelen, dass een an der ablacklecher Situatioun, bei allen juristeschen Ongereimtheeten KENG Konventioun kéint ënnerschreiwen, mee Kloerheet verlaangt, éier eng entspreichend Decisioun geholl géif ginn.

Jo, et brauch een och Courage fir ze soen

„NEEN, MIR ËNNERSCHREIWEN ELO NET!“

Mee et ass dee Courage, deen esou wichteg ass an der Kathoulescher Kierch an an eiser Gesellschaft. Awer et ass derwäert, well et ass keen NEEN aus Sturheet, mee, well mir all an déi Kiercheréit gewielt ginn sinn, fir *en bon père de famille* déi Saachen ze verwalten an domatten och d'Verantwortung fir hir Zukunft ze droen hunn!!

Mat engem eindringlechen Appell NET z'ënnerschreiwen an der Solidaritéit mat

- 5200 Signataire vun der Petitioun,
- iwwer 66 Kierchefabrécken, déi d'Resolutioun géint hier eegen Opléisung ënnerschriwwen hunn,
- 205 Kierchefabrécken, déi de Protestbréif un den Inneminister an den Äerzbëschof ënnerschriwwen hunn,
- an iwwer 70 Kierchefabrécken, déi bis elo beschloss hunn, viru Geriicht, d'Konventioun vum 26.1.2015 unzefechten

zeechent dankbar fir de SYFEL-Comité

Hiefenech, den 7 November 2016


Serge EBERHARD
President


Marc LINDEN
Vizepräsident